



## NEWSLETTER MÄERZ 2022



### Léif Frënn vun der Minett UNESCO Biosphere,

**Dëst Fréijoer huele mir iech mat!**

All Jonken, tëscht 17 an 29 Joer, kann en Deel vum alleréischte **Minett Beyouthsphere Jugendforum** ginn an aktiv un der konkreter Verbesserung vun Naturschutz a Biodiversitéit am eenzege Biosphäreservat vu Lëtzebuerg deelhueelen.


Ouni Alterslimit invitéiere mir op Déifferdeng fir **en aussergewéinlech musikalescht** Erlefnis am Kontext vun eisem Jugendforum.

Jonk a manner jonk ware begeeschtert vum **Gesang vun der Bëschléierchen**, där mir leschte Weekend nolauschtere waren a wierklech jiddereen kann an e puer Woche beim **City Nature Challenge** matmaachen.

Dat sinn d'Sujete vun eiser Newsletter. Vill Spaass beim Liesen a bis hoffentlech geschwënn an eiser Biosphär.

**Är Equipe vun der Minett UNESCO Biosphere**

## MINETT BEYOUTHSPHERE YOUTH FORUM



Mir waren op der Strooss, et gouf diskutéiert, et gouf vill Blabla an elo ass et **Zäit fir ACTION!**

Den **23. a 24. Abrëll** gëtt d'Minett UNESCO Biosphere, zesumme mat hire Partner, de **Jonken tëscht 17 an 29 Joer** d'Chance sech z'engagéieren!

Mat **diverse Workshops** an Zesummenaarbecht mat Ëmweltspezialisten a Kënschtler wäerte mir aktuell Ëmweltthematiken am Minett uschwätzen, **konkret Léisunge** fir si fannen a se duerno **Politiker aus der Regioun an zwee Ministere** presentéieren, déi hir Präsenz scho confirméiert hunn fir datt se ëmgesat ginn!

[DETAILER AN UMEELDUNG](#)

## BEYOUTHSPHERE LIVE @ AALT STADHAUS



Fir deen éischte **Minett Beyouthsphere Jugendforum** esou richtig ze féieren, hu mir kuerzerhand zwee aussergewéinlech musikalesch Acts invitéiert fir während dem Forum live ze spillen.

Kommt an erlieft **Le Vibe** a **Culture the Kid** den **23. Abrëll** vun **20:30 un** am **ale Stadhaus** zu Déifferdeng!

De **Concert ass gratis** an Tickete gëtt et vun elo un! Verpasst op kee Fall en Owend voller Reggae a Rap-Vibes «Made in Luxembourg».

[SÉCHERT IECH ELO ÄR TICKETEN](#)

## HUTT DÄR D'BËSCHLÉIERCHE SANGEN HÉIEREN?



Leschte Sonntag war deen **éischten interaktiven, wëssenschaftleche Workshop** am Kader vun eisem neie **MINELL-Naturlab**.

Am Mëttelpunkt stoung **d'Bëschléierchen**, den **heemeleche Star** vun eise Kärzonen. Déi wëssenschaftlech interesséiert Participante kruten **en Abléck an de Liewensraum** vum menacéierte Villchen a se goufe méi gewuer iwwer **konkret Schutzmesurë** fir d'Bëschléierchen.

[DE GANZEN ARTIKEL](#)

## CITY NATURE CHALLENGE 2022



An dësem Joer iwwerwënn de **City Nature Challenge** endgültig d'Grenze vun der Stad Lëtzebuerg a mécht sech am ganze Grand-Duché breit.

Gitt en Deel vun der, ëmmer méi grousser, Gemeinschaft vun engagéierte Bierger an **hëlleft de Rechercheuren aus dem 'naturmusée'** beim hirer Fuerschung. **D'Erfaasse vun der Biodiversitéit** ass kanterlich! Dir braucht just e Smartphone!

D'Detailer vun der **Manifestatioun an der Minett UNESCO Biosphere**, an Zesummenaarbecht mam 'naturmusée' an IMS Luxembourg, fannt dir iwwer hei:

[CITY NATURE CHALLENGE BELVAL](#)



6, Ellergronn  
L-4114 Esch-sur-Alzette  
LUXEMBOURG

+352 261797-1  
prosud@prosud.lu  
minett-biosphere.com

[f](#) [@](#) [v](#) [t](#)